N°968
Entrée le 05.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.07.2024

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 977/2024
- 8 JUIL. 2024
A traiter par :
Copie à :

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chambre des Députés**

Lëtzebuerg, den 4. Juli 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro zur Schwéngspescht un d'Madamm Landwirtschaftsministesch weider ze leeden.

Am Juni gouff zu Rüsselsheim an Hessen déi Afrikanesch Schwéngspescht bei engem Wëldschwäin nogewisen. Doropshin gouf eng Sperrzone ageriicht. D'Afrikanesch Schwéngspescht ass extrem geféierlech, momentan gëtt et nach keng Impfung an de Verlaf ass bal ëmmer déidlech. D'Expert'e ginn dovunner aus, dass virun allem de Mënsch de Virus weider verbreet, zum Beispill duerch den Offall laanscht d'Autobunnen. Dobäi kënnt awer och dat d'Afrikanesch Schwéngspescht eng ustiechend Krankheet ass déi vu Schwäin zu Schwäin ka iwwerdroe ginn.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

- Wéi eng präventiv Moossname bestinn hei am Land, fir ze verhënneren dat d'Schwéngspescht sech verbreet, souwéi ze verhënneren dat se vu Wëldschwäin op Hausschwäin iwwergeet?
- Gouf et och scho Fäll vun der Afrikanescher Schwéngspescht hei zu Lëtzebuerg?
- Wéi kënnen d'Baueren sech beschtméiglech schützen, datt se déi Kränkt net an hire Bestand kréien?
- Huet de Ministère Mesuren en Place gesat a wa jo wéi eng? Zum Beispill fir op de Autobunnsraststätt méi oft den Offall ewech ze maachen? Oder mat Dronen no kranke Wëldschwäin ze sichen, sou wéi se dat an Hessen elo maachen?

Här President, mir bieden Iech, onsen déifste Respekt unzehuelen.

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

Stéphanie Weydert

Deputéierten

Octavie Modert

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 968 vun den éierbaren Deputéierten Stéphanie Weydert an Octavie Modert**

**1+3. Wéi eng preventiv Moossname bestinn hei am Land, fir ze verhënneren, datt d'Schwéngspescht sech verbreet, souwéi ze verhënneren, datt se vu Wëllschwäin op Hausschwäin iwwergeet?**

**Wéi kënnen d'Baueren sech beschtméiglech schützen, datt se déi Kränkt net an hire Bestand kréien?**

Eng wichteg preventiv Moossnam fir d'Verbreedung vun der ASP bei de Wëllschwäin ass d'Populatiounsdicht vun de Wëllschwäin op e Minimum ze reduzéieren. Dofir ass jo och reegelméisseg den Opruff un d'Jeeër, d'Wëllschwäin ze schéissen, sou wéi et och an de minimalen Ofschosspläng verlaangt ass. Ausserdeem ass en Aarbechtsgrupp domat beoptraagt, e Managementplang auszeschaffe betreffend d'Wëllschwäinpopulatioun sou wéi déi europäesch Reglementatioun dat virgesäit.

Fir ze verhënneren, dass am Fall vun der ASP bei engem Wëllschwäin de Virus op d'Hausschwäin iwwergräift ass et onerlässlech, dass en héije Status vu Biosécherheet um Schwéngsbetrib herrscht, d.h. et muss mat allen zur Verfügung stoende Moyene verhënnert ginn, dass d'Hausschwäin direkte Kontakt mat de Wëllschwäi kéinten hunn an dass de Virus iwwer Persoune resp. Material an de Betrib erageschleeft gëtt.

**2. Gouf et och scho Fäll vun der Afrikanescher Schwéngspescht hei zu Lëtzebuerg?**

Et gouf bis elo nach kee Fall vun der Afrikanescher Schwéngspescht hei am Land.

**4. Huet de Ministère Mesuren en Place gesat, a wa jo wéi eng? Zum Beispill fir op den Autobunnsraststätte méi oft den Offall ewech ze maachen? Oder mat Dronen no kranke Wëllschwäin ze sichen, sou wéi se dat an Hessen elo maachen?**

Betreffend d'Mesure befanne mir eis de Moment nach ëmmer an enger Preventiounsphase contrairement zu Hessen a Rheinland-Pfalz, wou éischt Fäll an der Wëllschwäinpopulatioun detektéiert goufen. Betreffend d'Autobunnraststätten gëtt Sensibilisatiounsaarbecht gemaach fir ze verhënneren, datt Iessensreschter op Basis vu Schwéngefleesch resp. Wëllschwäinfleesch, déi eng potentiell Infektiounsgefor duerstellen, mussen iwwert opgestallte Poubellen entsuergt ginn an net einfach an d'Natur solle geheit ginn, wou se vun engem Wëllschwäi kënnen opgeholl ginn. Nodeems de Ministère en 1. offizielle Communiqué eraus ginn huet betreffend déi verschidde Mesuren, ass et virgesinn, déi verschidde concernéiert Acteuren (d'Jeeër, d'Schwéngsbaueren an d'Veterinären ) spezifesch unzeschreiwe resp. eng Reunioun matt hinnen ze organiséieren. D'ALVA ass och domat beschäftegt, déi verschidde Pläng fir d'Bekämpfung vun der Afrikanescher Schwéngspescht ze iwwerschaffen a sinn och am direkte Kontakt matt de Nopeschlänner fir d'Mesuren ze harmoniséieren.

D’Sich mat Dronen no Kadaver vu Wëllschwäi rechtfertegt sech am Moment hei am Land nach net, mee d’Jeeër gi sensibiliséiert, d’Kadavere vu Wëllschwäin, deenen hir Doudesursaach net genau feststeet, ze melle fir dës da kënnen am Veterinärslabo op ASP ze ënnersichen.

Lëtzebuerg, den 17. Juli 2024

D’Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN